Éischtens hate mer en Echange mat der Madamm, deen e ganz oppenen Echange war. Dir wësst, dass d'Lëtzebuerger Regierung – dat ass net nei – eigentlech mat bal alle Propositiounen, déi um Niveau vun der Kapitalmaartunioun oder der Savings- an Investissementsunioun geholl ginn, d'accord ass, well et ass eppes, wat och am Sënn ass vun enger méi kompetitiver an attraktiver Finanzplaz Lëtzebuerg.

Zum Punkt, dass d'Madamm Albuquerque gesot huet, et misst ee méi Flexibilitéit hunn: Den Här Fayot liest do dran, dass ee riskant Produkter huet. Ech hat et manner staark verstanen, wéi Dir et duergestallt hutt. Dir hutt natierlech d'Madamm zitéiert. Ech hunn et esou verstan, wéi dass een de Grondgedanke vun där Kapitalmaartunioun ëmsetzt.

An zwar Follgendes: Mir hunn, haalt Iech gutt hunn, hei an der Europäescher Unioun 35 Trilliounen, dat si 35.000 Milliarden, u Spuereinlagen. Dat ass enorm: 35.000 Milliarde Spuereinlagen! An Amerika, do gëtt et där Spuereinlagen och, mee se ginn haaptsächlech an Entreprisen investéiert. An de Grondgedanke vun där Kapitalmaartunioun ass eigentlech, déi Erspuernisser ze huelen, fir se méi dynamesch wéi einfach op engem Depotskont unzeleeën, fir Kleng- a Mëttelbetriber ënner anerem domadder ënnert d'Äerm ze gräifen an dann an enger méi mëttelfristeger a laangfristeger Perspektiv de Leit hir Suen – well et sinn de Leit hir Suen – jo erëm zréckzeginn, fir dass se déi dann och deelweis kënne fir hir Altersversuergung notzen.

Dee selwechte Grondgedanken hu se och a Japan. Dir wësst, a Japan ginn d'Leit natierlech extreem al. A Japan gëtt et e Réckgang vun der Bevëlkerung. Do geet d'Demografie erof. Déi hunn dee selwechte Problem. An déi japanesch Regierung huet de sougenannten NISA-Projet (ndlr: Nippon Individual Savings Account) opgesat, wat och ass: „Mir kucken, d'Erspuernisser vun de Leit ze notzen, fir se an eis Wirtschaft ze investéieren an herno de Retour ze ginn, fir komplementar Pensiounsprodukter unzebidden, och do selbstverständlech net als Ersatz, mee komplementar zu dem éischte Pilier."

Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung? Mir hätte gären, dass Finanzprodukter e klore Kader hunn, dass e Reegelwierk do ass, wat deene Leit, déi esou Produkter opleeën, eng gewësse Flexibilitéit gëtt, mee dass an der Konterpartie och deen néidege Schutz vun den Investisseuren, spréch de Bierger, ginn ass. Dat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung.

An dat deklinéiert sech duerch all Finanzdéngschtleeschtungsfelder. Dat deklinéiert sech och um Niveau vun de Kryptowärungen. Och do, Här Fayot, hu mer dru geduecht, an ech soen och der Chamber nach eng Kéier Merci derfir, dass mer déi sougenannte MiCA-Reglementéierungen esou schnell wéi méiglech ëmgesat hunn. An de Fakt, dass esou vill Ubidder vu Kryptowärungen, ënner anerem Coinbase – dat hutt Der matkritt d'lescht Woch –, wëllen hiren Europasëtz op Lëtzebuerg bréngen, huet domadder ze dinn, dass mir déi Reglementéierung mat engem klore Reegelwierk en place hunn an dass se doriwwer eraus déi proaktiv a virun allem héich geschoulte Leit mat exzellente Kompetenze vun eiser Finanzplaz kënnen notzen.

Déi komme jo net einfach esou op Lëtzebuerg, well se soen, mir hätten e schéine rout-wäiss-bloe Fändel. Déi kommen op Lëtzebuerg, well se e ganz stabillt, vorhersehbaart Reegelwierk erkennen, dat gepaart ass mat enger Exzellenz, déi mer op der Finanzplaz Lëtzebuerg zënter ville Joren hunn.

An d'Approche vun der Regierung ass net déi ... Ech wëll dat och soen. Den Här Fayot huet eng ganz fundamental Fro gestallt. De leschten Donneschdeg, do war de fréieren amerikanesche Staatssekretär – Tim Adams heescht de gudde Mann – hei. An dat ass ongeféier de Counterpart vun der ABBL, dem Commissariat aux assurances (veuillez lire: der Association des compagnies d'assurances) an der ALFI zesumme fir d'Amerikaner. Deen huet deelgeholl un enger Konferenz iwwert d'Digitaliséierung vun de Finanzdéngschtleeschtungen. Déi war an der Spuerkeess.

Ech hat mat deem eng Entrevue an do huet dee gesot: „Jo, an Amerika hu mir eng total aner Approche wéi déi, déi Dir hutt an Europa. Mir loossen um Niveau vun de Kryptowärungen", dat ass dat, wat Der mat Recht kritiséiert, „elo mol d'Marchéë gewäerden. An da gesi mer, wat schifleeft. An da fänke mer un, e Reegelwierk opzestellen, fir ze kucken, d'Deriven, wann der do sinn, anzeengen." An d'Approche vun der Europäescher Unioun ass, ze soen: „Mir setzen e Reegelwierk en place. Mir kucken, dass déi Flexibilitéit do ass, mee dass parallell och de Schutz vun den eenzelen Investisseure ginn ass."

Dat, wat ass: Et gëtt net all Investisseur ..., an dat gouf et och schonn net an der Vergaangenheet. Dir gesitt d'Alternativfongen. Jee no Kompetenzen, jee no, loosst eis soen, Bildung vun den Investisseuren – ouni dass Der dat elo pejorativ verstitt –, jee no Wësse vun den Investisseure gëtt dat Reegelwierk natierlech ënnerschiddlech deklinéiert, fir och déi néideg Flexibilitéit doran ze ginn.

Ech géif duerfir soen, an engem Wuert: D'Profitabilitéit däerf net op d'Käschte vun der Finanzstabilitéit vun der europäescher Wirtschaft goen. An ech wëll och net, dass d'Profitabilitéit op d'Käschte vun de Finanzdéngschtleeschtungsubidder zu Lëtzebuerg geet.

An ech schléissen domadder of. Ech hunn och, nach eng Kéier, souwuel bei der Madamm Albuquerque wéi och e Freideg an dem ECOFIN, am europäesche Finanzministerrot, ënnerstrach – zum Beispill bei där sougenannter Bankenunioun, Här Fayot –, dass mer op dee sougenannten Home/Host-Prinzipp pochen, nämlech dass d'Sécherheet vun den Depoten an all eenzelnem Memberstaat gekuckt gëtt, an net zentral do, wou den Haaptsëtz vu grousse Finanzdéngschtleeschter ass, well dat kéint d'Stabilitéit och um Niveau vun eisen Depotsgarantien zu Lëtzebuerg affektéieren. Mir sinn do als Lëtzebuerg net eleng. Et gëtt och aner Memberstaaten, déi eng aner Meenung hunn. Mee aus deem Grond hu mer och dorobber gepocht.

Also nach eng Kéier am Resümmee: D'Profitabilitéit vun eenzelne grousse Finanzdéngschtleeschter däerf net op d'Käschte vun der Stabilitéit vun der Finanzwelt goen a virun allem och net vun eiser Banken- a Finanzplaz Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir géingen zur Ofstëmmung kommen. Checkt nach eng Kéier, ob Der alleguer op Ärem Posten ageloggt sidd, éier mer d'Prozedur lancéieren. Wann dat de Fall ass, da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8498. Den Text steet am Document parlementaire 8498[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8498 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Kuckt nach eng Kéier no, ob och jiddwereen seng Procuratioun matgeholl huet. Da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 58, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Stéphanie Weydert), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nathalie Morgenthaler), Paul Galles (par M. Maurice Bauer), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par Mme Françoise Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. Gérard Schockmel), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Luc Emering) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori (par M. Mars Di Bartolomeo) ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard (par Mme Joëlle Welfring), M. Meris Sehovic (par Mme Sam Tanson), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 3. 8537 – Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Washington, le 25 octobre 2024, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Washington, le 13 avril 2019

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8537, enger Konventioun tëscht Lëtzebuerg an Argentinien iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteierung an d'Preventioun vu Steierhannerzéiung. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht. Deen huet säit dem Projet virdrun nach net changéiert. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Maurice Bauer, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An da ginn ech dem Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, dem honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer.

***Rapport de la Commission des Finances***

**M. Maurice Bauer** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn elo de Moien direkt zwee Netduebelbesteierungsofkommessen um Menü. Am éischte Projet de loi, dem 8537, geet et drëms, e Protokoll zur

Konventioun tëschent Lëtzebuerg an Argentinien aus dem Joer 2019 iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteierung an d'Preventioun vu Steierhannerzéiung ze approuvéieren. Dëse Protokoll ass de 25. Oktober zu Washington ënnerschriwwe ginn a gëtt elo der Chamber zum Vott ënnerbreet.

Dës Steierkonventioun ass en extreem wichtegt Ofkommes, och am Kontext vun de bilaterale Relatiounen, déi mir säit Joren amgaange sinn, mat ville Länner um südamerikanesche Kontinent opzebauen. Ech wëll drun erënneren, dass mir a Südamerika nieft Argentinien och nach mat Brasilien, Kolumbien an Uruguay Netduebelbesteierungsofkommessen ofgeschloss hunn.

Argentinien ass déi drëttgréisste Wirtschaftsmuecht a Südamerika a bitt deemno fir eist Land grouss Opportunitéiten, esou wéi generell op dësem Kontinent nach vill Potenzial stécht, wou mir eis wirtschaftlech Relatiounen onbedéngt sollte weider ausbauen a verdéiwen.

Eise Finanzminister war an de leschte Méint op Finanzmissioun a Brasilien, fir Promotioun fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz ze maachen.

Dëse Protokoll mat Argentinien ass deemno en nëtzlecht Instrument, fir déi wirtschaftlech Relatioune weider ze vereinfachen an d'Investissementer tëscht den zwee Länner méi flësseg a méi equitabel ze gestalten.

An dësem Kontext ass ervirzehiewen, dass mir mat dësem Protokoll up to date si mat de Virgabe vun der OECD. Och d'Investmentfonge si mat dëser Konventioun couvréiert, wat jo och fir eis international Finanzplaz e wichtegt Element ass.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Umierkungen zum Inhalt gemaach an de Projet guttgeheescht. Vun den eenzelne Beruffskummere louch kee weideren Avis vir.

Wat elo d'Prozedur betrëfft, ass dëse Projet de loi den 8. Mee 2025 vum Ausseminister deposéiert ginn. De Staatsrot huet de Projet den 3. Juni 2025 aviséiert. An an der Finanzkommissioun vum 6. Juni 2025 gouf de Projet presentéiert. Mir hunn an där Reunioun och den Avis vum Staatsrot examinéiert. De Rapport vum Projet de loi 8537 gouf an der Kommissiounssëtzung vum 17. Juni unanime ugeholl.

Léif Kolleegen, domadder wär ech fäerdeg mat mengem Exposé als Rapporteur an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

***Discussion générale***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer awer, elo och nach e puer Wuert zu dësem Projet de loi als Spriecher vun der CSV-Fraktioun ze soen, dee mir natierlech wäerte matstëmmen.

Dëst Netduebelbesteierungsofkommes mat Argentinien ass, genausou wéi de Projet de loi duerno mam Oman, e wichtege Projet an e staarke Message. Lëtzebuerg an de Finanzminister fuere weider mat Netduebelbesteierungsofkommessen, déi et erlaben, Barriären ofzebauen an esou Vertrauen opzebauen, fir esou d'Echangë mat dëse Länner ze vereinfachen.

Als CSV begréisse mir déi vill Efforte vun der Regierung, weider Netduebelbesteierungsofkommessen ze ënnerschreiwen, dëst am Interesse vun der Lëtzebuerger Wirtschaft a fir et esou och den Acteuren zu Lëtzebuerg ze erlaben, d'Relatioune mat neie Länner kënnen ze verdéiwen.

Mat Argentinie si mir elo invitéiert, en Netduebelbesteierungsofkommes mat engem Land ze stëmmen, dat vill Potenzial fir d'Lëtzebuerger Ekonomie an d'Finanzplaz huet. D'Exporter an Argentinie ginn zënter Jore konstant an d'Luucht. Wat déi bilateral wirtschaftlech Relatiounen tëscht Lëtzebuerg an Argentinien ugeet, esou si méi wéi 40 Betriber vu Lëtzebuerg aktiv an Argentinien. An eng ganz Rei Betriber sinn dorun interesséiert, do ze investéieren.

An de leschte Joren huet d'Chambre de Commerce och reegelméisseg Missiounen an dat südamerikanescht Land geféiert. Hir wirtschaftlech Haaptsecteure sinn d'Industrie mat 23 %, mee virun allem de Secteur vun de Servicer mat ronn 53 %, wou also och nach vill Potenzial fir eis Betriber hei ass. Do ass nach vill Plaz, fir déi gutt wirtschaftlech Relatioune mat Lëtzebuerg nach weider auszebauen. A fir d'CSV ass et dowéinster wichteg, duerch dësen Accord weider Méiglechkeete fir déi zwee Partner ze erméiglechen.

Och de Finanzsecteur huet eng enk a laangjäreg Relatioun mat Argentinien a genéisst am südamerikanesche Land eng exzellent Renommée. Erlaabt mer, e puer interessant Fakten ze ënnersträichen, notamment wat d'Relatioune mat der Lëtzebuerger Bourse ugeet.

Do ass et nämlech esou: D'Land Argentinien, d'Republick selwer, 12 vun den 23 argentinesche Provënze souwéi zwou gréisser Stied, Cordoba a Buenos Aires, souwéi Banken a Firme cotéieren hir Obligatiounen, also hir Schold, hei zu Lëtzebuerg. Aktuell sinn dat 126 Obligatioune vu 25 Emetteuren. Domadder ass Argentinien aktuell dat Land mat de véiertmeeschten internationalen Obligatiounen aus Latäinamerika, no Brasilien, Mexiko an Chile, hei op der Lëtzebuerger Bourse.

Fir d'CSV weisen dës Zuelen, wéi wichteg d'Relatioune mat Argentinie sinn, a si weisen, wéi vill Potenzial do nach besteet. Dofir ass dëst Netduebelbesteierungsofkommes e wichtegt Signal un eis Ekonomie an och fir d'Betriber an Argentinien.

Dofir annoncéieren ech mat groussem Pleséier den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi. An ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler,** Président | Villmools merci, Här Bauer, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Jo, fir d'éischt meng Felicitatiounen un de Maurice Bauer. Ech wollt hei bei dëser Geleeënheet ënnersträichen, datt dat mat dësem Projet de loi e wichtege Schrëtt ass, fir ebe grad eis wirtschaftlech Bezéiunge mat dësem grousse Land – ech mengen, et ass déi drëttgréisst Vollekswirtschaft um südamerikanesche Kontinent – ze verdéiwen.

Wéi et scho virun e puer Wochen am Kader vu menger Interpellatioun iwwert d'Entwécklung vun eiser Finanzplaz ervirgehuewe ginn ass, huet Südamerika effektiv e grousst Potenzial am Beräich vum Finanzsecteur, vläicht e Potenzial, dat iwwer Joren net esou héich geschat ginn ass. Mir mussen eis awer bewosst ginn, dass an Zäite vu groussen Ongewëssheeten an Instabilitéiten eis Finanzplaz ëmmer muss de Bléck iwwert de ganze Globus hunn an hir Aktivitéiten och geografesch muss diversifizéieren. An de Finanzminister huet dat jo och an der Entrevue mat der Chamberskommissioun bestätegt.

Mir mussen also, denken ech, dës Geleeënheet notzen, fir eis wirtschaftlech Relatiounen an dëser Regioun vum Globus an op dësem Zukunftsmaart weider auszebauen, eis Chancen do ze notzen, vläicht och grad well mir eeben eng international vernetzte Finanzplaz sinn an als déi och eng äusserst diversifizéiert Produktpalett ubidden, anerersäits awer och Trëmp an der Hand hunn, déi op deem dote Kontinent nämlech éischter rar sinn.

A wat sinn dat fir Trëmp? Mee dat ass eng niddreg Inflatioun, dann eng stabill Gouvernance, héich spezialiséiert Acteuren an, esou wéi et dann eeben och virdrunner vu Virriedner gesot ginn ass, e regulatoresche Kader, deen eeben op Vertrauen a Planungssécherheet opbaut; Vertrauen, jo, e Wuert, dat an der Finanzwelt ëmmer méi wichteg gëtt.

An an deem Sënn géif ech och den Accord gi vu menger Fraktioun. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Elo huet den Här Franz Fayot d'Wuert. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, merci, Här President. De Rapporteur huet gutt beschriwwen, wat eis wirtschaftlech Interessen an Argentinie sinn, an och, wat fir eng Betriber do ënnerwee sinn, och vun der Finanzplaz. Dat heescht, do gëtt et näischt dozou bäizefügen. A mir wäerten dat hei och matstëmmen.

Mir ënnerstëtzen och d'Efforten, eis Relatioune mat Südamerika auszebauen. An dozou gehéieren natierlech och déi Duebelbesteierungsofkommessen. Mir hunn och viru Kuerzem, Dir wësst dat, a Costa Rica eng Ambassad opgemaach. Costa Rica ass e Land, dat sech dem Naturschutz verschriwwen huet a wou mer och vill mat eiser Kooperatioun maachen. An ech mengen, do ass och en Duebelbesteierungsofkommes an der Maach.

Dat heescht, am grousse Ganzen ass Südamerika eng Regioun, wou vill Potenzial a verschiddene Beräicher läit, dat heescht wirtschaftlech, d'Finanzplaz, awer och am Beräich vun der Kooperatioun.

Bon, Argentinien ass natierlech d'Land vum Mann mat der Kettesee. Dat heescht, mir hoffen, dass mer mat dësem Duebelbesteierungsofkommes just méi wirtschaftlech Aktivitéit kréien an net méi vun der Ketteseementalitéit vum Här Milei bei eis importéieren.

Voilà. Dat gesot, géif ech gär den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Da kritt den Här Fred Keup d'Wuert. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Villmools merci, Här President. Ech mengen, dass et an Argentinie scho Staatscheffe gi sinn, déi däitlech méi schlecht ware wéi de Mann mat der Kettesee.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | An ech géif awer och soen, fir elo konkreet eppes derzou ze soen, dass mir als ADR natierlech schonn zu 100 % hannert eiser Finanzplaz stinn. Eis Finanzplaz ass an engem ganz, ganz grousse Mooss verantwortlech fir de Wuelstand hei zu Lëtzebuerg. An alles, wat fir eis Finanzplaz gutt ass, ass fir Lëtzebuerg gutt. An a Südamerika, do gëtt et eng ganz Partie Méiglechkeeten, dovunner ze profitéieren als Lëtzebuerg. Ech weess och, dass d'Regierungen do amgaange sinn, vill ze schaffen, a Brasilien, an Argentinien an esou weider. An ech mengen, dass mer do op engem ganz gudde Wee sinn an dass eis do ganz vill Méiglechkeeten opstinn, eebe Chancen, déi mer mussen ergräifen.

Mir stëmmen natierlech mat Jo.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Madamm Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. déi gréng ginn och den Accord zu dësem Projet de loi.

Ech wollt vläicht froen – mir haten an der Chamberskommissioun och eng Diskussioun driwwer –: Dir hutt gesot, dass mer eigentlech déi diplomatesch Relatiounen nach méi misste verstäerken a Südamerika. Dir kënnt eis vläicht do nach e bësse soen, a wéi eng Richtung Der do och um Niveau mam Ausseministère schafft, fir ze kucken, wat nach geplangt ass, fir déi diplomatesch Presenz, niewent där Ouverture am Costa Rica, déi de Franz Fayot schonn ernimmt huet, ze renforcéieren.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir approuvéieren eng Steierkonventioun mat Argentinien. A ganz virewech, och d'Piraten stëmme se mat, virun allem, well se relativ kuerz gefaasst ass. Et ass jo u sech e Protokoll dozou.

An ech wëll awer kuerz e bëssen op Argentinien an de Kontext heivun agoen, well ech hunn awer elo e puer Saachen héieren, déi mech, soe mer mol, liicht irritéiert hunn.

Mir hunn an deene leschte Méint a Joren hei ganz vill Steierkonventiounen ugeholl. Dat ass prinzipiell eng gutt Saach. Dat ass prinzipiell eng gutt Saach fir d'Leit. Ganz heefeg si Pensiounen dra couvréiert. Dat ass ganz gutt fir Leit, déi vläicht an déi Länner zréckginn oder an déi Länner an d'Pensioun ginn.

Dann hu mer eng ganz Hickecht u Steierkonventiounen, déi eeben och Zënsen, wéi elo an deem heite Protokoll, ofdecken, wat et eeben erméiglecht, Bonds op der lëtzebuergescher Bourse ze cotéieren an doduerjer keng Duebelbesteierung vun deenen Zënsen ze kréien.

Mee dat heiten ass awer e bësse speziell, datt mer et grad elo mat Argentinie maachen a grad elo an deem heite Beräich. Éischtens emol, d'Madamm Tanson huet et elo grad ugeschwat, waren eis diplomatesch Bezéiunge mat Argentinien déi lescht Joren – an och ënnert der aktueller Regierung – zwar op finanziellem Niveau ëmmer ganz gutt, awer op deem bilateralen, aussepoliteschen Niveau e bësse problematesch.

Wann ee bedenkt, datt d'Argentinier säit Jore refuséieren, eisen Honorarkonsul, dee Lëtzebuerg genannt huet, iwwerhaapt unzeerkennen, also seng Lettre de créance unzehuelen, dann ass dat awer schonn en Zeechen, wou een e bëssen d'Gefill huet: „A, et ass gutt, wa se kënne Steiere spueren oder wa se Duebelbesteierung kënnen evitéieren. Wann et awer drëm geet, wierklech en Echange op Aenhéicht ze hunn ...“ An elo schwätze mer vun engem Honorarkonsul. Mir hu jo da keng Ambassad dohannen, dat gëtt vu Brasília aus gemanaget – wat och eng Kéier diskutabel ka sinn, wann een d'Distanzen a Südamerika kuckt, mee virun allem wann ee weess, datt Argentinien déi drëttgréisste Wirtschaft a Südamerika ass an e Land mat enger awer ganz mouvementéierter Geschicht.

Wat mech e bësse virdru getraff oder irritéiert huet, dat war, wéi de Kolleeg André Bauler heibanne gesot huet: „Argentinien, e Land mat enger stabiller Wirtschaft, mat ganz niddreger Inflatioun.“

**M. André Bauler** (DP) | Nee, nee, nee, dat hunn ech net gesot!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ok, ok.

**M. André Bauler** (DP) | Ech hu gesot: „Et ass genee dat, wat do an deem Land feelt, nämlech“, Doppelpunkt, „an dann ...“ Dir hutt net verstanen! Oder net nogelauschtert!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ok, gutt. Dann hunn ech Iech falsch verstanen, Här Bauler.

Ech hunn awer elo hei vun där ganz wäit rietser Säit an der Chamber, menger lénker Säit an deem heite Fall, héieren, si hätte just 3 % Inflatioun. Dat ass och falsch! Se hunn 43 %, Joer iwwer Joer, Inflatioun. Also, d'lescht Joer hate se 130 %.

*(Interruptions)*

D'lescht Joer. Dat Joer virdrun nach 200 %. 40 % si vun Aarmut betraff. Also, et ass elo kee Land, mat deem mer eis musse bretzen um Niveau vun ekonomescher Stabilitéit.

Bon, dofir stellen ech mer e bëssen d'Fro, a vläicht kann de Minister eis dat awer nach erklären zum Schluss, wéi et mat der Due Diligence bei deem heite Protokoll war, ob et wierklech, au-delà vun deenen Investissementer, déi de Rapporter virdrun a sengem Rapport beschriwwen huet, vun de staatlechen Entitéiten, eeben och do eng Kéier eng gewëssen Iwwerleeung gouf, wéi mer eis diplomatesch Relatioune mat deem Land kënne verbesseren a wéi mer eeben och kënnen Deel vun der Léisung fir dat Land sinn.

An dat ass sécher net, mat der Kettesee duerch all Reguléierungen ze goen! Well dat ass jo dat, wat awer den aktuelle President an Argentinie wëllt maachen. E stellt sech jo och nach bei aneren, och deelweis europäesche Staaten, op d'Bün, fir Leit, mat deene mir hei an Europa net esou ganz gutt sinn, ze soen: „Hei, ech bréngen dir och nach eng Kettesee mat. Géi wannechgelift och nach un den europäesche Projet seeën!“ A gläichzäiteg maache mer mat deem e Steierofkommes!

Also, nach eng Kéier, mir hunn näischt géint d'Steierofkommes per se. Et ass sécherlech e wichtege Projet. Mee bei Argentinien hätt ee sech awer nach e bësse méi Reflexioun kënnen erwaarden a vläicht och dat heiten notzen, fir déi bilateral Relatiounen nach eng Kéier unzetriggeren, unzepushen.

An ech hu vläicht e bëssen d'Hoffnung, datt, wa mer dat heite maachen, dann endlech och Beweegung an deen Dossier vun eisem Honorarkonsul zu Buenos Aires kënnt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Da kritt den Här David Wagner d'Wuert. Här Wagner.

*(Interruption)*

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President.

*(Brouhaha)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift! Den Här Wagner huet d'Wuert.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Ech hunn déi Geschicht mam Honorarkonsul nach ëmmer net esou richteg verstanen. Et wier interessant, méi Asiicht doranner ze kréien.

Mee mir haten deemools schonn déi Konventioun mat Argentinien net matgestëmmt, well mer prinzipiell Schwieregkeeten hu mat deene Konventiounen, déi awer virgesinn, datt schlussendlech manner besteiert gëtt, dës Kéier d'Zënsen. Mir mengen net, datt dat onbedéngt an déi richteg Richtung geet.

Bon, mir ass et och e bëssen esou gaangen an der Presentatioun, dass ech den Här Bauler genausou falsch verstanen hunn, wéi den Här Sven Clement den Här Bauler falsch verstanen huet. Mee bon, ech ...

*(Interruption)*

Voilà, dat geschitt eeben.

Mee dat reit sech vläicht an an eng kleng Musek, wou ech den Androck hat ..., datt et awer an Argentinien an iwwerhaapt a Südamerika vill Potenzial géif ginn et cetera. Argentinien ass problematesch! Et ass eng Exportwirtschaft, dat gouf gesot. An et ass tatsächlech vläicht e grousse Problem vun Argentinien, datt d'Argentinier et fäerdegbréngen – dat ass scho laang hier –, Tonne Fleesch ze exportéieren an awer trotzdeem intern en Hongerproblem ze hunn. Dat ass e strukturelle Problem vun Argentinien.

Et komme ganz vill anerer, also ganz verschidde Vaguë vu liberale Konterreformen zënter, ben, der Militärdiktatur. Well déi zwou Saache waren immens kompatibel mateneen. Et deet mer leed, dat mussen ze soen. An, voilà, zurzäit hu mer et ze di mat engem Land, mat engem Regimm, deen déi Konterreformen op déi brutaalst Aart a Weis duerchféiert – déi zwar nach ni esou brutal ware wéi ënnert dem Videla, der Militärdiktatur fréier, well ech mengen, dat ass vläicht déi Regierung, mat där een dem Javier Milei seng Regierung misst vergläichen –, an do muss ee sech awer e bëssen iwwerleeën, wat ee mat dëser Regierung negociéiert.

Mir wësse jo och ganz kloer, datt déi argentinesch Regierung sech och staark amëscht, dat ass och gesot ginn, an europäesch Affären, andeems faschistesch Regierungscheffe wéi d'Madamm Meloni ënnerstëtzt ginn et cetera, et cetera. Dat heescht, dat sinn awer keng Frënn vun der Demokratie a vun de Mënscherechter.

Mir schwätzen hei vu ganz geféierleche Regimmer an, bon, ech mengen, do musse mer awer e bësse méi oppassen, wa mer iwwer eis Bezéiunge mat Argentinien zurzäit diskutéieren, an datt mer och d'Situatioun an deem Land net onbedéngt méi schéimolen, wéi se a Wierklechkeet ass: D'Aarmut explodéiert, d'Leit ginn op d'Strooss a si kréien der mat Bengelen a mat gréisserer Gewalt an d'Sabbel vun dëser Regierung, vum Här mat der Motorsee, dee mat sengem Mupp schwätzt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci, Här President. An och merci alleguerten den Intervenanten. Merci och dem Rapporteur, well ech eigentlech zum Inhalt vun där ganzer Konventioun näischt méi muss bäifügen.

Ech ginn dann e bëssen op d'Diskussioun an. Richteg ass, dass eigentlech de südamerikanesche Kontinent – ech maachen awer kengem e Reproche dovun, mee mir sollen da selwer zu Chouer mat eis goen – iwwert déi leschten, ech soen, 10, 20 Joer vun der Lëtzebuerger Politick vläicht ënnerbewäert gouf. Do ass e grousst Potenzial. An dat Potenzial läit sécher an der Kooperatioun. Den Här Fayot huet dat ënnerstrach. Mee fir mech perséinlech geet dat Potenzial – erlaabt mer, dat als Finanzminister ze soen – iwwert d'Kooperatioun eraus. Et beinhaltet och d'Wirtschaft, wat net nëmme Finanzdéngschtleeschtunge sinn.

Mir si mëttlerweil, hunn ech gesinn, bei an déi 90 Steierofkommessen, 86, 87, déi fäerdeg sinn, anerer sinn nach an der Maach. Wat ëmmer erëmkënnt bei all Duebelbesteierungsofkommes, sinn engersäits d'Finanzdéngschtleeschtunge. Jo, den Här Bauer huet et virdru gesot: d'Obligatiounen, déi op eiser Bourse

gehandelt ginn, Suen, déi notamment fir d'Ofsécherung vun de Pensiounen an d'Diversifikatioun vun de Pensiounsfongen an dem latäinamerikanesche Raum sinn an dann och an Euro investéiert ginn, fir net nëmmen Dollar oder soss eng Wärung ze hunn, mee virun allem och den Euro.

Dann ass awer eppes, dat ass d'Wirtschaft selwer. An den Här Fayot war Wirtschaftsminister. Wat ëmmer erëmkënnt, wat ass dat? Dat ass ArcelorMittal, dat ass Cargolux, dat ass Jan de Nul an dat ass ënner anerem Rotarex. Erlaabt mer et, ech mengen, dat si public Nimm, déi sinn och an den Documents parlementaires erëmkomm, duerfir däerf ech dat och op der Chamberstribün soen.

ArcelorMittal ass natierlech an der Wirtschaft extreem touchéiert. Firwat? Ma well si Laangstolprodukter maachen. An zum Beispill de Burj al-Arab, dat kennt Der, de World Trade Center 2, alles dat ass mat Lëtzebuerger Stol mat gebaut. A wann natierlech och am latäinamerikanesche Raum méi an d'Luucht gebaut gëtt wéi an Asien, wéi an anere Regioune vun der Welt, jo, forcement gëtt dann och Stol benotzt. A forcement ass et wichteg, dass dann eng Previsibilitéit ass fir e Weltunternehme wéi ArcelorMittal: „Wéi ginn ech do besteiert?"

Dat selwecht zielt fir d'Cargolux. Dat selwecht zielt och fir Jan De Nul. Dir wësst, déi maache Maritime Dredging. Dat heescht, déi hiewe Sand aus a stabiliséieren dat fir ënner anerem zum Beispill de Panamakanal oder op anere Plazen. Déi Palmeninselen, déi virun Dubai sinn, dat ass alles vun enger Entreprise geschafe ginn, déi zu Lëtzebuerg an der Industriezon op der Cap hire Sëtz huet.

A Südamerika si mer wirtschaftlech, finanzpolitesch an diplomatesch – erlaabt mer, dat ze soen – suboptimal ënnerwee. Mir kéinten do vill méi maachen. Et ass gefrot ginn: „Wéi gesäit de Finanzminister déi diplomatesch Relatiounen?" Dofir ass de Vizepremier an Ausseminister zoustänneg. Ech soen awer ganz kloer, dass mer – den Här Bettel an ech selwer, an och an der Regierung – driwwer geschwat hunn, dass een eenzel diplomatesch Relatiounen, fir dat dann diplomatesch auszedrécken, a Presenze ka verbesseren. Dat heescht am Kloertext, dass ee méi Presenz huet, dass net een Ambassadeur zoustänneg ass fir sechs, siwe Länner, déi nach historesch vläicht net onbedéngt zesummepassen, an dass déi diplomatesch Aarbecht och dee wirtschaftlechen Aspekt an dee finanzpolitesche Aspekt op alle Plaze méi breet soll englobéieren.

A mir sinn eis dofir eens ginn, dass mer zousätzlech zu dem Ambassadeur, zu de Leit, déi klassesch fir diplomatesch Aarbecht zoustänneg sinn, nämlech Visaen auszestellen an aner Relatiounen, ee brauchen, dee Finanzaktivitéite méi no suivéiert. An dat ka geschéien duerch Leit vun dem Wirtschaftsministère, wat jo an der Vergaangenheet gemaach gouf, mee dat kann och geschéien duerch Leit, déi aus dem Finanzberäich rekrutéiert ginn, fir spezifesch déi Aarbechten ze maachen. Well dat kann a soll a wäert och vill bréngen.

Ech hat gëschter eng Entrevue mat engem Chefekonomist vun engem ganz, ganz groussen amerikanesche Finanzinstitut. An ech hunn deem e bëssen d'Froe gestallt: „Wou sinn da Länner, déi Porteur sinn, och besonnesch am Hibléck fir Lëtzebuerg?" Um latäinamerikanesche Kontinent ass och Mexiko genannt ginn, well déi Persoun gesot huet: „Mexiko huet kuerzfristeg wuel e Problem an der Relatioun mat den USA, mee mëttelfristeg a laangfristeg ass dat eng Wirtschaftsnatioun, déi een net däerf ënnerschätzen."

Zousätzlech, Här Fayot, zu Costa Rica, wou d'Steierofkommes an der Maach ass, si mer och amgaangen, mat Ecuador en Duebelbesteierungsofkommes ze maachen.

A wann ech dann op déi aner Säit vun der südlecher Hemisphär kucken, dann ass et Australien, wou mer och net genuch maachen. Do si mer zënter 1984 amgaange mat engem Duebelbesteierungsofkommes. Den Ambassadeur, dee war bei mech komm vu Bréissel. Ech ginn dervun aus, dass dat elo e bësse Stullgang kritt, well déi Kritick, déi d'Australier eis ëmmer wollte soen, dat war: „Mee Dir waart 2011, 2012 nach op enger Groer Lëscht." An ech hunn du gesot: „Jo, dat ass awer scho laang Vergaangenheet. Mir sinn am Aklang mat allen Ufuerderungen, déi vun dem sougenannte GAFI gestallt ginn."

An ech hoffen, dass mer dat och hikréien, well Australien/Ozeanien e Wirtschaftsstanduert ass, dee sech extreem developpéiert a wou och de Wirtschaftswuesstem, contrairement zu villen anere Plazen de Moment an der Welt, extreem staark ass am Verhältnis. Dofir sinn ech der Meenung, dass een och als Minister selwer do – ech paken elo Holz un – nach méi implizéiert muss sinn, fir dass mer dat hikréien. Ech kann Iech keng Garantie op d'Zukunft ginn, mee ech ka mech awer engagéieren, dass ech alles maachen, fir dass mer dat hikréien.

Ech géif och mengen, et wier gutt, wa mer um Enn vum Joer oder virum Enn vum Joer eng Kéier – mee dat obläit der Chamber – eng gemeinsam Sitzung hätten zwëschent der aussepolitescher Kommissioun, déi jo och zoustänneg fir de Commerce extérieur ass, an der Finanzkommissioun, wou da vläicht déi zwee Ministeren eng Kéier kéinte soen, wat déi Perspektive sinn, wéi mir dat gesinn an den nächsten dräi, fënnef Joer, wat d'diplomatesch Bezéiunge mat eenzele Regiounen – ech nennen dat dann esou – an der Welt sinn. An ech mengen, do kéint een da méi offe wéi op enger Chamberstribün – dat musst Der verstoen – doriwwer schwätzen.

An ech mengen, et ass wichteg, dass do e Parlament involvéiert ass, fir och ze stoen ... Fir wat? Fir hir Bemierkungen ze soen, och aus den Erfarungen, déi se an anere Funktiounen an der Vergaangenheet haten, an och well – loosst eis dat soen – mat all Opmaache vun enger residenter diplomatescher Bezéiung natierlech e gewëssene Käschtepunkt verbonnen ass. Mee de Käschtepunkt soll eis awer net drun hënneren, souwuel d'diplomatesch Bezéiungen ze verdéiwe wéi och op wirtschaftlechem a finanzpoliteschem Plang ze handelen.

Duerfir merci fir déi breet Zoustëmmung. A mäi Wonsch wier dann, dass mat dem Här Graas, mat der Madamm Adehm, ënnert der Presidence vun dem Claude Wiseler, dann déi Sitzung kéint zustanekommen. Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Mir géingen direkt zum Vott vun dësem Projet kommen, d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8537. Den Text steet am Document parlementaire 8537[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8537 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 58, Nee: 2, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmme bei kenger Abstentioun.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Stéphanie Weydert), Paul Galles (par M. Maurice Bauer), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Charles Weiler), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt (par M. Ben Polidori), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard (par Mme Joëlle Welfring), M. Meris Sehovic (par Mme Sam Tanson), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 4. 8538 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Sultanat d'Oman pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 16 octobre 2024

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8538, enger Konventioun tëschent Lëtzebuerg an dem Oman iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteierung an der Preventioun vu Steierhannerzéiung. Hei ass et de Riedemodell „avec rapport et sans débat", an deemno huet de Rapporteur 5 Minutten an d'Regierung hätt och 5 Minutten. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer.

***Rapport de la Commission des Finances***

**M. Maurice Bauer** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no dem Netduebelbesteierungsofkommes mat Argentinie kommen ech dann direkt elo zu deem nächste Projet de loi, dem 8538, wou mir de Kontinent wiesselen an eis an den Orient beginn, an dat mat engem ganz neien Netduebelbesteierungsofkommes, dës Kéier mam Sultanat vum Oman, engem Land, wou an de vergaangene Jore méi wéi eemol eng Finanzmissioun stattfonnt huet, fir eis Finanzplaz an eis Wirtschaft an dëser Regioun ze promouvéieren.